



MËNSCH & KI **WAT KËNNT OP EIS DUER?**

Kënschtlech Intelligenz (KI) ass scho laang an eisem Alldag ukomm. Si verännert, wéi mir schaffen, léieren, kommunizéieren an Entscheedungen treffen.

Mee wat ka KI wierklech? Wou steet Europa am internationale Verglach? Wéi eng Entscheedunge solle beim Mënsch bleiwen? A wéi ka Lëtzebuerg d'Chancë vun dëser Entwécklung notzen?

Als éischt Partei zu Lëtzebuerg wëlle mir eis explizitt zu dësen Zukunftsfroen positionéieren.

Mat der Konferenzserie „Mënsch & KI – Wat kënnst op eis duer?“ wëlle mir d'Thema zesumme mat Experten, der Politik a mat iech beliichten a verständlech erklären. Domat wëlle mir d'Grundlag schafen, fir eis Positioun d'nächst Joer op eise Bezirks- an Nationalkongresser ze definéieren.

LUC FRIEDEN
Parteipresident

ALEX DONNERSBACH
Generalsekretär



PROGRAMM



Informationen an
Umeldung op csv.lu/ki

21. OKTOBER 2026 - KI VERSTOEN

Wat ka Kënschtlech Intelligenz, a wat net?

ChatGPT schreift Texter, KI generéiert Biller a Stëmme a gëtt ëmmer méi dacks an eisem Alldag agesat. Mee wat geschitt eigentlech hannert de Kulissen?

Wéi „léiert“ eng KI? Kann si wierklech denken oder verstoen? Firwat mécht si Feeler an trotzdeem heiansdo en iwwerzeegenden Androck?

Den éischten Owend mécht KI verständlech. Mat einfache Beispiller a Live-Demonstratioune kucke mir, wéi modern KI funktionéiert, wat si haut scho kann a wou hir Grenze leien.



dem **Misch Strotz**, Co-Founder & CEO vu LetzAI

28. OKTOBER 2026 - DE MËNSCH AN D'KI

Wéi mir d'Mënschlechteet erhalen a stäerken.

Wat dierfe mir de Maschinnen iwwerloossen? Wéi eng Decisioune musse beim Mënsch bleiwen? No wat sollen sech esouwuel d'Maschinnen ewéi och d'Mënsche riichten?

Mat der "Magnifica humanitas" huet de Poopst Leo XIV. seng éischt Enzyklika fir d'Erhale vum Mënsch am Zäitalter vum der Kënschtlecher Intelligenz erausbruecht. Säi Message: Technik ass net neutral. Si ka Gerechtegkeet fërderen oder Ausgrenzung verstärken, a se dierf de Mënsch ni beherrschen.

Dese Froe gi mir, op Basis vun eise chrëschtlech-soziale Grondwäerter an och mat Bléck op d'Enzyklika, no.



dem **Dr. Marco Schrage**, Gaaschtprofesser un der Accademia Alfonsiana zu Roum

11. NOVEMBER 2026 - EUROPA AM KI-ZÄITALTER

Wou steet Europa vis-à-vis vun den USA a China?

Kënschtlech Intelligenz ass net nëmmen eng technologesch Entwécklung. Si ass och zu enger wirtschaftlecher a strategescher Fro ginn.

D'USA a China investéiere massiv an nei KI-Modeller, Chips, Daten a Recheninfrastruktur. Europa wëll innovativ a kompetitiv bleiwen an dobäi seng eegen Interessen a Reegelen assuréieren.

Wou steet Europa haut? Wéi ofhängeg si mir vun Technologien aus anere Weltregiounen? A wéi kënne mir technologesch handlungsfäeg bleiwen?

En Owend iwwer Innovatioun, Kompetitivitéit, Regulatioun an d'Plaz vun Europa an enger Welt, déi ëmmer méi vu KI geprägt gëtt.



dem **Viviane Reding**, fréier EU-Kommissärin a Presidentin vum TechEU Advisory Council vun der Europäescher Zentralbank

25. NOVEMBER 2026 - KI ZU LËTZEBUERG

Wat musse mir elo konkret maachen? Nom Bléck op d'Technologie, déi ethesch Froen an Europa gëtt et konkret: Wat bedeit KI fir Lëtzebuerg?

Wéi kënne Betriber a PME vun der KI profitéieren? Wéi verännert sech eis Aarbechtswelt? Wéi eng Kompetenze brauche mir muer? A wéi kënnen de Staat, d'Fuerschung an d'Wirtschaft KI verantwortungsvoll an effizient asetzen?

Den Ofschloss vun der Serie kuckt op déi national KI-Strategie, d'Wirtschaft, Aarbechtspazen, Formatioun, Fuerschung, Infrastruktur an den ëffentleche Secteur.

D'Fro ass net méi nëmmen, wat KI kann, mee wéi eng Zukunft mir mat der KI zu Lëtzebuerg gestalte kënnen.



dem **Elisabeth Margue**, Delegéiert Ministesch beim Premierminister fir Medien a Connectivitéit



VÉIER OWENDER. VÉIER PERSPEKTIVEN.

MËTTWOCH 21.10 – 18:30 AUER

Ciné Sura
18, rue de la Montagne, L-6470 Iechternach
KI verstoen
Wat ka Kënschtlech Intelligenz – a wat net?

MËTTWOCH 28.10 – 18:30 AUER

Centre culturel Hennesbau
15C Rue de Fail, L-9175 Nidderfeelen
De Mënsch an d'KI
Wéi mir d'Mënschlechkeet erhalen a stäerken.

MËTTWOCH 11.11 – 18:30 AUER

Ciné Utopia
16, Av. De la Faiencerie, L-1510 Lëtzebuerg
Europa am KI-Zäitalter
Wou steet Europa vis-à-vis vun den USA a China?

MËTTWOCH 25.11 – 18:30 AUER

L'Ariston
9, Rue Pierre Claude, L-4063 Esch-Uelzecht
KI zu Lëtzebuerg
Wat musse mir elo konkret maachen?



Aus organisatoresche Grënn biede mir iech, iech
bis zwee Deeg virum Event unzemellen.